LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

DIPLOM +

E PLUS U KOMPETENZ

ENG NEI FORMATIOUN NOM LYCÉE

Du hues en Diplôme de fin d'études secondaires, en Diplôme de technicien oder en equivalenten Diplom an der Täsch?

An elo . . .

. . . bass de op der Sich no denger éischter Aarbecht?
. . . géings de gär op d'Uni goen, mä du bass nach net ageschriwwen?
. . . hues de nach keng Projete fir déi nächst Méint?

VERBESSER DENG CHANCEN!

Profitéier vun dëser Transitiounsphas, fir déi follgend Kompetenze weiderzeentwéckelen:

- déi **transversal Kompetenzen**, déi staark um Aarbechtsmaart gesicht ginn (Computerkenntnisser, Projektmanagement, Kommunikatiounstechniken asw.);
- d'***Soft Skills***, déi op d'Uni virbereeden (Zäitmanagement, Team- an Initiativgeescht asw.);
- Knowhow fir den **Alldag**.

Méi Informatiounen op

diplomplus.lu

E PROGRAMM, DEE KANN ADAPTÉIERT GINN

Den „Diplom +“ ass eng nei Formatioun iwwer **zwee Semesteren**. Se bitt dir e Maximum u **Flexibilitéit**, fir dass de weider kanns no enger Aarbecht sichen oder dech Richtung Uni orientéieren:

- **Modulle** vun 12 bis 48 Stonnen, déi onofhängeg vunenee sinn;
- en moyenne 5 Stonne Formatioun den Dag, maximal **25 Stonnen** d'Woch;
- e **Certificat** fir all gepackte Module;
- en **Encadrement** vu gudder Qualitéit (extern Experten an Enseignanten);
- eng Formatiounsdauer, déi kann **adaptéiert** ginn (d'Ofmellen ass all Moment méiglech);
- gemeinsam Modullen an **optional** Modullen, mat deenen deng Formatioun ka personaliséiert ginn.



Wann s de wëlls, kanns de am zweete Semester mat der Formatioun weidermaachen.
Du beschäftegs dech da mat engem **Innovatiounsprojet**: Mat dësem Projet kanns de deng nei gewonne Kompetenzen uwennen a verdéiwen, andeems de an enger Ekipp, déi vu Profien encadréiert gëtt, **e Projet vum Ufank bis zum Enn** ausschaffs an ëmsetz.

D'Formatioun gëtt generell op Lëtzebuergesch an op Franséisch gehalen.

PRAKTESCH INFORMATIOUNEN

Aschreiwung op diplomplus.lu vum 23. September 2020 un.

- Datumer vun der éischter Sessioun:
  1. Semester: vum 19. Oktober 2020 bis den 12. Februar 2021
  2. Semester: vum 1. Mäerz bis de 15. Juli 2021
- D'Aschreiwunge fir déi éischt Sessioun lafe bis de **14. Oktober 2020**.
  Jee no Demande kënnen am Laf vum Joer zousätzlech Sessiounen organiséiert ginn.
- Lokalitéite vun der Formatioun:
  CNFPC Esch-Uelzecht, CNFPC Ettelbréck oder, jee no Demande, nach aner Plazen.